

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement (Art. 84) et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro zu den Demonstratiounen um Weekend vum 10. bis zum 12. Dezember 2021 un den Här Staatsminister an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet huet haut de Moien eng Pressekonferenz ginn, an där hien een "Zoning" fir eventuell Demonstratiounen fir dëse Weekend virgestallt huet. Am Groussen a Ganze kënnen Demonstratiounen tëscht dem Glacis an der Place de l'Europe stattfannen, also op der Rouder Bréck.

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

- 1) Si scho Demonstratiounen ugemellt, déi vun dëser Regulatioun betraff sinn? Wa jo, wéi eng sinn dat?
- 2) Wéi mengt d'Regierung, datt dës Limitatioun vun deene betreffenen Organisateuren an interesséierte Leit opgeholl gëtt? Ginn et Erfarungen hei am Land oder am Ausland, déi et erlaben unzehuelen, datt esou ganz restriktiv Moosname vun deene Betreffenen akzeptéiert ginn?
- 3) Ass dës Zon vun der Police proposéiert ginn? Däerf déi Demonstratioun och op der Strooss an op der Tramsstreck stattfannen oder müssen d'Demonstranten déi ganzen Zäit um Trottoir vun der Rouder Bréck bleiwen? Gëtt et eng virgeschriwwe Marschrichtung oder däerfen d'Demonstranten och vun der Place de l'Europe zrëck op de Glacis goen?
- 4) Wéi gesäit d'Regierung de Prinzip vun der Demonstratiounsfreiheet garantéiert, wann déi nëmmen op enger relativ eideler Bréck ka stattfannen? Wéi géing d'Regierung esou eng Situatioun aschätzen, wa si sech analog an engem anere Land géif ofspillen? Eng Demonstratioun soll jo een ëffentleche Charakter hunn, fir d'Leit op ee bestëmmte Sujet opmierksam ze maachen. Ass an den Ae vun der Regierung dësen Ëffentlechkeetseffekt respektéiert, wann eng Demonstratioun nëmmen op enger méi oder manner isoléierter Plaz erlaabt gëtt?
- 5) Den Här Minister gëtt an der Press mat dësen Aussoen zitéiert: "Tëscht dem Glacis an der Place de l'Europe dierf d'Meenungsfreiheet gewäert ginn" (RTL) an: "Die Zone zum Ausdruck der Meinungsfreiheit befindet sich zwischen dem Parkplatz Glacis und der Place de l'Europe" (tageblatt). D'Meenungsfreiheet ass ee verfassungsrechtlech garantéiert Grondrecht. Gesäit d'Regierung an der geographescher Limitatioun vun der Meenungsfreiheet net eng Verletzung vun engem zentrale Grondrecht? Wat bedeit dëst fir d'Meenungsfreiheet am Rescht vum Land?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized initial 'FK' followed by a long, sweeping horizontal line that curves slightly upwards at the end.

Fernand Kartheiser  
Deputéierten